

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse*. - Da kënne mer jo emol eng Kéier dohinner kucke goen.

Mme Renée Wagener (*DÉI GRÉNG*). - Majo, ganz gären. Et ass dat wat ech wollt am Uschloss un déi Presentatioun hei virschloen. Dir gräift mer do einfach vir, mä op alle Fall kann ech dat herno och ronderëm goe loossen, well ech dat fir en interessante Projet halen. Deen ass an engem Quartier ugeleucht, deem aus den 30er Joren ass, an et handelt sech ëm e Projet mat 30 Een- respektiv Zweezëmmerwunnengen. Dat heescht, et si kleng Studioen, an dee Projet ass, wéi gesot an engem Quartier, huet awer e klenge Bannenhaff, esou dass d'Leit hir Rou do kënne fannen, a gläichzäiteg awer de Besuch zur Noperschaft bestoe bleift.

En plus, vu dass jo dann ëmmer gesot gëtt, esou Projekte ginn immens deier, gëtt hei geschriwwen, dass en och dem Usprouch op präiswäert Wunne bei gudder Qualität géif entgéintkommen.

Dat wéi gesot an engem däitsche Bundesland, wat sécherlech net mat grousser Finanzéierung geseent ass, fir esou Projeten duerchzezéien, esou dass een also...

(*Interruption*)

Dat ass jo ganz interessant. Vlächtt kënnt mer eis jo dann deen och ukucke goen.

(*Interruption*)

Här President, et schéngt esou ze sinn, dass d'Leit am léifste géifen déi Projekte kucke goen, déi méi wäit ewech sinn, ech weess net firwat. Op alle Fall wëllt ech d'Iddi awer hei dann nach eng Kéier widerhuelen, ob ee sech entweder net soll esou e Projet op der Plaz ukucken, oder wann dat net méiglech ass, vlächtt einfach emol eng Konferenz zu deem Thema organiséieren, fir ze gesinn, wéi eng Alternativen et do gëtt.

Deen heite Projet hunn ech iwwregens am Katalog vun der Ausstellung vun der Wüstenrotstiftung fonnt, net déi, déi elo amgaangen ass, mä déi virun e puer Joer an der Semaine du logement presentéiert ginn ass, a wou och nach eng ganz Rei aner flott Projeten dra sinn. Dat zum Thema Architektur.

Ech ginn da just nach ganz kuerz op déi Themen an, déi ech an de leschte Kéieren öfters behandelt hunn.

1. D'Kichen. Do hunn ech jo virdru scho monéiert, dass ech beim Etelbrécker Projet net ganz zefridde wär. Ech gesinn awer, dass et aner Projekte gëtt, wou et duerchaus méiglech ass eng aner Approche ze wielen, wou d'lessen op der Plaz gekacht gëtt. Am Elisabethekliniksprojet ginn et Restaurants à thème. Dat kléngt jo wierklech ganz attraktiv. D'Fro stellt sech eben, stellt de Ministère de la Famille do Forderungen, wann e seng Konventionen opsetzt, oder hält en dat wat e kritt? An ech géif fannen, dass de Ministère misst Forderungen opstellen. Datselwecht géllt iwwregens och fir d'Energie, wou mer vun der Gaschaudière iwwert d'Cogénératioun bis dann och bei der Elisabetheklinik bis zum Réseau de chaux urbaine alles fannen. An da stellt sech fir mech d'Fro, och wann et hei ganz positiv Usätz gëtt: Firwat soll een net Kritären opstellen, fir dass méiglech vill vun deenen Altersheimer dann och esou ekologesch wéi méiglech funktionéieren, an och ebe mat Materialie gebaut oder ëmgebaut ginn, déi Sënn maachen?

Iwwregens och do eng kleng Remarque. Bei engem vun deene Projeten - et ass mengen ech dee vun der Elisabetheklinik - gëtt dann och gesot, dass no de Prescriptions vum Guide écologique pour la construction et la rénovation des bâtiments publics établie par le Ministère des Travaux publics géif

gebaut ginn. Och dat fannen ech ganz positiv. Ech konnt allerdéngs net erausfannen, ob et sech do ëm en neie Guide handelt oder éischter ëm deen alen, deen eng Kéier vum Okofonds geschafe gi war, an iwwert dee mer schonn a villen Diskussiounen och geschwat haten a gesot hunn, dass deen onbedéngt misst opgefrescht ginn. Zum Beispill wou mer beim Marchés-publics-Gesetz waren, hu mer do eng Rei vun Iddien gehat, an dass en och misst méi e bindende Charakter kréien.

E leschte Punkt, Här President, betrëfft den Träger vun deenen Altersheimer. Ech hu festgestallt, dass mer hei ee Projet hunn - an ech hu virdru schonn drop higewisen -, deen net onproblematesch ass, vun deem eng Klinik den Träger ass. Bei deenen dräi anere sinn et Kongregatiounen. Do kann ee sech awer méttlerweil och schonn d'Fro stellen, ob mer net an eng Richtung ginn oder eng Richtung bäibehalen, zu där ee sech zumindest mol kéint kritisches äusseren, well an engem Zäitalter, an deem och zu Lëtzebuerg net méi jidderee kathoulesch ass, an och an der eelerer Bevölkerung wahrscheinlech ëmmer méi Leit wäerte sinn, fir déi dat zoutréfft, do kéint jo awer vlächtt iergendwann de Punkt, wou de fräie Choix, ob ee sech wëllt an engem laizistesche Kader an en Altersheim zréckzéien oder net, net méi méiglech ass.

Dofir wollt ech d'Madame Familljeministesch froen, ob et eng Statistik gëtt, wéi do d'Verdeelung ass tëschent Träger, déi vlächtt e bësse méi onofhängeg sinn a reliéier Hisiicht, an Träger, déi dann ebe Kongregatiounen sinn. Wéi gesot, dat ass e prinzipielle Problem. Et stellt sech jo dann awer och ganz konkret am Alldag de Problem, datt een, wann een eben net mat deem Glawen eens gëtt, deen an deene Kongregatiounen vertruede gëtt, dann awer ëmmer erëm domadder konfrontéiert ass.

Et brauch ee schonn nëmmen ze kucken, dass an deene meeschten Zëmmeren Kräizer hanken. Do kéint ee vun de Signes ostensibles de religiosité schwätzen. Op alle Fall ass et eng Problematik, mat där mer eis vlächtt och mol sollten aussernee setzen. D'autant plus, ech hunn elo vu Laizismus geschwat, mä et gëtt och ëmmer méi Bevölkerungsgruppen zu Lëtzebuerg, déi enger anerer Relioun unhanken an dofir denken ech, wier et wichteg...

(*Interruption*)

Dat ass richtig, mä ob mer soss nach anerer hunn, dat weess ech net.

Ech géif et eigentlech am sënnvollste fannen, wa mer Altersheimer hätten, wou eben net erëm iwwerall opgedeelt gëtt, mä wou mer kéinten d'Leit zesummen hunn a wou se sech all géife wuel fillen, ob se elo eng Relioun hunn oder net.

Här President, dann nach just och an deem heite Kontext e leschte Punkt. Déi zwou Kliniken, déi ech virdru scho genannt hunn, de Sacré-Coeur an d'Elisabetheklinik, deenen hir Betriber, wann een dat esou ka soen, jo zesummen op de Kierchbieregeplënnert sinn, dat huet och bedéngt, dass do d'Kongregatioun am Fong en neie Betrib iwwerhollt huet. Et stellt sech awer dann e bëssen d'Fro hei, wisou dass déi Gebaier, déi elo eidel gi sinn, dann awer ëmmer nach schéngen an der Hand vun deene Kongregatiounen ze sinn. Et hätt mech awer interesséiert ze wëssen, ob déi net dann hätte misse eventuell en de Stat goen oder ob dat esou kloer ass, wéi dat elo hei ofleefft, datt se an der Hand vun de Kongregatiounen bleiwen.

Dat gesot, Här President, wollt ech awer nach umierken, datt mer prinzipiell natierlech ëmmer dofir sinn, wann nei Strukturen an deem Beräich geschafe ginn, well jo grouss Nout hei ëmmer nach herrscht, a mer och dofir wäerte bei deene Projeten eisen Accord ginn.

Ech soen Iech merci.

M. le Président. - Mir kommen elo zur gemeinsamer Diskussionsvun de Projets de loi 5219 a 5220 iwwert de Bau vun engem Alters- a Fleegeheim zu Lëtzebuerg. Et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Delvaux, déi Häre Bettel an Henckes an d'Madame Wagener. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi 5219, déi honorable Madame Ferny Nicklaus-Faber.

4. 5219 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'un centre intégré pour personnes âgées à Luxembourg

5220 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'un centre de services intégrés de soins pour seniors à Luxembourg

Rapports de la Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse

Mme Ferny Nicklaus-Faber (CSV), *rapporteuse du projet de loi 5219*. - Här President, Dir Dammen an Dir Häre, d'demographesch Entwécklung, déi eis Gesellschaft kennzeechent, stellt eng enorm Erausforderung duer, an dat op allen Niveaueen a virun allem um Niveau vum Logement a vum Encadrement vun deenen eelere Leit.

A menger Ried zum Ausbauprojet vum Heeschdrefer Schloss virun engem Joer hat ech schonn ervirgestrach, wéi wichteg et wier, datt d'Politik sech fir d'Rechter vu sengen eelere Bierger asetzt an op hir speziell Besoinen agoe géif. Mir wëssen, datt d'Leit ëmmer méi al ginn. Mir wëssen och, datt ab e gewësse Moment vill eeler Matbierger net méi eleng eens ginn, an och, wa vill Leit kënnen op d'Hëllef an d'Ennerstëtzung vun hirer Famill rechnen, kann awer net jiddferen oder wëllt och net jiddferen bei seng Kanner wunne goen. Et ass also wichteg genügend Opfangstrukture fir eeler Leit virzegesinn.

Den 1. Juli 2003 ware 4.500 Better an deene verschiddene Strukturen disponibel fir eng Populatioun vun ronn 63.000 Leit iwwer 65 Joer, wat eng Disponibilitéit vu 7,13% ausmécht. Och wann deesen Taux ee vun deenen héchsten an Europa ass, wäert dat mat der Zäit net duergoen. De Statec geet vun enger Capacitéit vu 5.480, also bal 1.000 Better méi, am Joer 2010 aus. Eis Familljeministerin ass sech dëser Problematik bewosst an hält schonn zënter Jore konsequent Moosssname fir mat de Besoinen a puncto Logement vun den eelere Leit Schrëtt ze halen. Alleng um Niveau vun de Centres intégrés sinn an deene leschte fënnf Joer aacht nei Projekte vun der Chamber gestëmmt ginn, déi et dem Stat erlaben d'Schafung oder den Embau vun esou Strukturen matzefinanzéieren.

Mam virleiende Projet gi gläich véier Projeten haut an der Chamber ofgestëmmt mam Objectif nei Opfangstrukture fir eeler Leit ze schafen. Dëst beweist, datt d'Suerg ëm den Drëtten Alter e feste Bestanddeel vun eiser Politik ass. Et ass awer a mengen Aen net nëmmen wichteg Opfangstrukturen ze schafen, mä och dofir ze suergen, datt d'Leit, déi an esou eng Struktur kommen, do bleiwe kënnen, wann hiren Zoustand sech géif verschlechteren.

Am Kader vun dësem neie Centre intégré gëtt et eng ganz Rei vu Services, déi ugebuede ginn. Et kënnen

nen 119 Leit do opgehall ginn, egal ob se valid sinn oder op se op eng gréisser Hëllef an e méi intensiven Encadrement ugewise sinn. De virleiende Projet gesäit de Bau vun engem Centre intégré vir an zwar do, wou bis viru kuerzem d'Klinik Sacré-Coeur operationell war, déi zesumme mat anere Kliniken an de groussen Komplex vum Kierchbierege transferéiert gouf.

119 Zëmmeren si virgesinn a wäerten op véier Stäck aménagéiert ginn, esou datt de Rez-de-chaussée fir déi öffentlech oder déi gemeinsam Raimleckeete reservéiert ka ginn, wéi d'Cafeteria, d'Salle polyvalente oder d'Administration. Déi 119 Zëmmeren sinn op fënnf Unitéite verdeelt. All Unitéit huet eng Salle de séjour, déi mat enger Kitchenette équipéiert ass, esou datt net all Pensionnaire mussen ënnenan an de Restaurant goen fir hir Molzechten anzehuelen. Et ass och gekuckt ginn, datt d'Salles de séjour zentral géife leien. Esou kritt een d'Distanz tëschent de gemeinsamen Raimleckeeten an den individuellen Zëmmeren reduzéiert.

Et kann een nach ervirhiewen, datt dës Salles de séjour esou agericht ginn, datt d'Leit vun der Vue no baussen an der Luminositéit profitéieren kënnen an zwar duerch sou genannte „bow windows“. Et ass och grouss Wäert op den Agencement vun den Zëmmeren ugeleucht ginn, dee sech duerch eng grouss Flexibilitéit kennzeechent a fir e besseren Encadrement besonnesch vun den eelere behënnerte Leit steet. Et kann een d'Zëmmeren jee nom Handicap vun de Pensionnairen ariichten, zum Beispill andeem een d'Bett anescht ka stellen. Déi zousätzlech Plaz ass am Kader vun dësem Projet virgesinn.

De Projet leet och vill Wäert op den ekologeschen Aspekt. Et ass opgepasst ginn, fir nëmmen mat natierleche Matièreen ze schaffen. Ofwaasser a Reewaasser gi gesammelt a separat evakuéiert. Wat d'Ofwaasser aus der Kichen ugeet, ass nach ze bemerken, datt et an eng speziell Anlag, e sou genannte Séparateur de graisse, weitergeleet gëtt, wou deesen Offall traitéiert gëtt, ier en an den externé Réseau kennt. Am Allgemengen ass virgesinn, den Offall auszesortéieren. Dat si just e puer Punkten, déi ech wollt ervirhiewen. Fir de Rescht verweisen ech op de Projet selwer.

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, wat d'Finanzéierung vum Projet ugeet, do dréit de Stat 80% vun de Käschten, wat eng Participatioun vu ronn 19,9 Milliounen Euro ausmécht. De Solde gëtt vun der Kongregatioun vun de Franziskanerinnen iwwerhollt. Dës Participatioun ass vum Regierungsrot op Basis vum Artikel 13 vum ASFT-Gesetz decidéiert ginn. De Projet entsprécht engem urgenten nationale Besoin un Infrastrukture fir eeler Leit an integréiert sech an den nationale Programm. Wéi scho beim Projet iwwert de Centre intégré zu Gréiwemaacher ass och hei en Avenant zur initialer Konvention, déi den 31. März 2002 ënnerschriwwen gouf a vum Regierungsrot de 7. Februar 2003 aprouvéiert gouf, derbaikomm. Dësen Avenant ass den 10. Dezember 2003 ënnerschriwwen ginn.

Wéi schonn am Kader vum Maacher Projet huet de Statsrot sech och hei perplex gewisen iwwert d'Virgoensweis vun de Parteien, déi am Avenant d'staatlech Participatioun op Basis vun enger anerer Valeur indiciaire festgehalen hunn. De Statsrot ass der Meenung, et misst een de Montant vun der staatlecher Participatioun am Kader vum Artikel 2 deementsprechend reevaluéieren. D'Familljekommissioun, déi dës Approche gedeelt huet, huet doropshi wéi schonn am Kader vum Projet 5218 den Artikel 2 ofgeännert. D'Kommissioun huet och decidéiert en neien Artikel 4 am Projet anzeféieren fir der Bemierkung zum Statsrot iwwer eventuell Schwierigkeeten um Niveau vun den Ofschlossdelaie Rechnung ze droen.

D'Gesetz iwwert d'Marchés publics vum 30. Juni 2003 gesäit vir, datt d'Dauer vum Ofkommen dräi Budgetexercicen net däréi iwwerschréiden. Or, mir kréien opgrond vun dëser Dispositioun Schwierigkeete wann d'Aarbechten net rechtzäiteg ofgeschloss sinn. Den Artikel 4, deen am initialen Text zougefügt ginn ass, stellt eng Ausnahme zum Gesetz vum 2003 iwwert d'Marchés publics duer andeems e virgesäit, datt d'Aarbechten net brauchen no dräi Exercicen ofgeschloss ze sinn.

Ech hoffen, datt ech net stéieren, déi aner Säit do.

(*Interruptions diverses*)

Här President, Dir Dammen an Dir Häre, de virleiende Gesetzesprojet dréit dozou bäi, den Erausforderunge vun der demographescher Evolutioun standzehalen. Ech wëll nach just eng perséinlech Bemierkung maachen. Et ass gewosst an et ass och hei scho vum Häre Lucien Weiler ugeschwat ginn, dass mer schonn haut Schwierigkeeten hu fir genügend Fleegepersonal ze fannen. D'Schafung vu Centres intégrés fir eeler Leit stellt nämlech nëmmen en Deel vun enger aktiver Politik vum Drëtten Alter duer, a mir mussen nees méi Schüler a Schülerinne fir Fleegebuffer kënnen motivéieren. Am Numm vun der Familljekommissioun géif ech Iech bidden, dëse Projet unzehuelen, deen och den Accord vu menger Fraktioun huet.

Merci.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi 5220, den honorabelen Häre Jean-Marie Halsdorf. Den Häre Halsdorf huet d'Wuert.

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV), *rapporteur du projet de loi 5220*. - Här President, Dir Dammen an Dir Häre, mat dësem Projet de loi schléisst sech am Fong geholl de Krees vun enger politescher Décisioun, déi an den 90er Joren, de Joren 1992/93, geholl gouf, an zwar déi fir en Hôpital Kirchberg ze bauen, an doduerch huet sech dës Niewewierkung erginn, déi awer eng agréabel Suite huet a sech domadder begnügt, dass mer haut an hei mat deem Projet, deen d'Madame Ferny Nicklaus-Faber a meng Persoun hei virstellen, 234 nei Better kreéieren, wou Spideeler ëmfonctionnéiert ginn a Structures de longs séjours, eng Démarche, déi d'Madame Jacobs, d'Familljeministerin, scho méi wéi eng Kéier gemaach huet.

Am Ganzen hu mer dat scho fënnemol an eise Land fäerdeg bruecht: Beim Sacré-Coeur vun Dikrech, beim St-Joseph vu Wolz, dem Sacré-Coeur hei an der Stad, d'Spidol vu Stengefort a last but not least dann och d'Elisabetherinne-Klinik, wou mer elo hei dann de Projet de loi stëmme fir dës Struktur ze bauen. Am Ganze goufen an deene Joren dann 397 Better oder Plazen de longs séjours kreéiert, wat en appréciable Chiffre ass, an iwwerhaupt muss ech soen huet d'Madame Minister an deene leschte Joren an dëser Legislatur gutt Aarbecht geleescht. Et goufen net manner wéi 1.698 - 1.698! - Better kreéiert vun 1999 bis 2004. Dat ass remarquabel an dat soll een och emol eng Kéier hei soen.

Et goufen net manner wéi 25 Projeten entaméiert, an d'Madame Nicklaus huet et och scho gesot, aacht Projet-de-loien an 20 Konventionen sinn ënnerschriwwen ginn. Dat beweist also kloer, dass hei eng gutt Politik gemaach ginn ass, an och déi Kritiken, déi kommen, deelweis an der Kommissioun ass gesot ginn, et géif eng Plus-value gemaach gi wa Spideeler ëmfonctionnéiert ginn, an och wat d'Madame Wagener elo gesot huet, ech mengen, déi sollen net gëllen.

Wat hei zielt, dat ass, dass genuch Strukturen gebaut gi fir den Drëtten

Alter, an déi Strukture brauche mer, well et gëtt ëmmer méi Leit, dat huet den Här Scheuer och scho gesot, déi méi al ginn, an et muss ee feststellen, dat ass och witzeg, an ech wollt trotzdem hei d'Geleeënheet benotze fir dat ze soen, dass wann d'Leit méi al gi sinn et besonnesch d'Frae sinn, well an deene Strukture sinn 79,61% Fraen an nëmmen 20,39% Männer. Dat ass schonn eng komesch, éischter esouguer eng witzeg Feststellung, mä si ass awer richteg, a gradesou richteg ass et, dass 70,62% vun de Leit méi wéi 80 Joer hunn, déi an deene Strukture sinn.

Dat sinn héich Chifferen an déi setzen awer och de Kader an déi weisen, dass d'Décisioun, fir grad hei an der Stad selwer eng Struktur ze bauen, eben an d'Klinik Ste-Elisabeth, richteg ass, well se am Zentrum läit a well se eis d'Méiglechkeete gëtt do eng Struktur ze bauen, déi, géif ech soen, den Erausforderunge vun der moderner Gesellschaft entgéintkënn. A wann et laang gedauert hat, wéi ech gesot hunn, bis déi politesch Décisioun effektiv war, esou ass awer hei ganz schnell geschafft ginn, well déi Konventioun ass d'lescht Joer den 1. Juli 2003 ënnerschriwwen ginn an den 9. Oktober 2003 ass schonn e Projet de loi vun der Madame Minister déposéiert ginn, knapps dräi Méint méi spéit, an elo siwe Méint duerno gëtt hei an der Plénière dëse Projet da verabschiedet. Dat beweist also, dass hei séier geschafft ginn ass, dass gutt geschafft ginn ass an dass mer gutt weiderkomm sinn.

Dëse Projet de loi muss jo gemaach gi laut Artikel 99 vun der Constitioun. Mä et ass nach eng Problematik, déi eis vläicht elo e bësse wäert an dësem Dossier hei, an dësem prezise Projet ophalen, an zwar déi, dass dës Terrainen, wou dat Spidol de Moment nach steet, „des terrains réservés aux constructions hospitalières“ sinn, laut PAG vun der Stad Lëtzebuerg. Hei muss also nach eng Émklaséierung gemaach ginn, déi e bëssen Zäit wäert an Usproch huelen, mä ech géif awer mengen, dat wär och an e puer Méint ze maachen, esou dass dëse flotte Projet, deen also, wéi ech et scho virdru gesot hunn, 115 Better wäert kreéieren, schnellstens kann ëmgesat ginn.

Et muss ee feststellen, wann een dat am Detail kuckt, dass um Rez-de-chaussée Aktivitéite si fir den Accueil an nach aner Spezifisitéiten an dass op de Stäck doriwwer, éischten, zweeten, drëten an och véierte Stäck, dass do 97 Eebettzëmmer gemaach ginn an néng Zweebettzëmmeren, an da kommen op de leschte Stack uewen, dat ass och eppes Neies, Appartements, déi encadréiert ginn, wou een also kann eng Hëllef kréien, wou een also ka Prestatiounen kréie wann een iergendwéi ofhängeg ass. Ech mengen, dat ass och eng flott Approche, eng nei Démarche, déi interessant ass an och grad do, hei an der Stad, wierklech wäert hir Friichten droen.

Ech hat gesot, ënnen um Rez-de-chaussée géife Strukture gemaach ginn, déi spezifesch sinn, d'Madame Wagener hat se och schonn ugeschwat. Et kënn net nëmmen ee Restaurant an dëst flott Haus, mä et kommen dräi Restauranten dran: den Hauptrestaurant an zwee Restaurants à thème, wat ech gutt fannen. Et kënn e Foyer du jour ënnen dran, et kënn eng Salle de conférence dran, et komme Butteken an dës Infrastruktur an och eng Cafeteria. Ech géif soen, dat wär dat Richtegt op där richteger Plaz.

De Park dernieft, eng flott Struktur, dat kann nëmme Succès bréngen, an och d'Iddi fir den ëmmer méi grouse Bedarf u Vakanzebetter, dee sech breet mécht, fir deem ze begéinen, och déi Iddi fir hei eng 40 där Better anzeféieren ass och eng richteg Démarche vun dem Ministère de la Famille a vun der Madame Jacobs, esou dass dëse Projet sécherlech wäert - an e puer Joer, wa mer zrëckkucken, wäerte

mer dat och kënne kontrolléieren - dee richteg Projet op där richteger Plaz sinn, a mir wäerten alleguerten, déi Chamber hei wäert och zefridde si mat deem Projet, dee se haut dann hei verabschiedet.

De Projet als solchen, a wann een et an der Zeitung och gelies huet, am Här Jaans senger Chronik stoung et: 700 Milliounen gi praktesch haut fir esou Strukturen hei investéiert. Dëse Projet eleng kascht de Stat 20.290.838,09 Euro, dat ass den Index 579,98 vum Oktober 2003. Do huet d'Kommissioun dem Statsrot gefollegt. Si huet de leschten Index geholl, dee virlouch. Mir hunn och gefollegt, et ass virdru scho gesot ginn, am Kader vum Marchés-publics-Gesetz, dass mer och amendéiert hunn an engem Artikel 4 fir d'Aarbechten iwwer dräi Joer kënne fortgoen ze loossen. Mir sinn also hei an enger Logik, déi mer bis elo bei all Projet haten, an déi mer och an Zukunft wäerten hunn.

Dat Eenzezt wat nach net ugeschwat ginn ass, wat een an dësem Fall awer roueg ka relevéieren, dat ass, dass keng Fiche financière virläit, de Statsrot awer dës Kéier keng Problemer domat hat. Hien huet gesot en hätt genuch Duerchbléck an et wär transparent genuch, et misst net eng extra Fiche financière dobäi sinn. Dat ass och gutt esou, well dee Projet hei ass sécherlech am Interesse vun där ganzer Chamber, vun eis alleguerten. Ech géif och mengen, e géif dee grouse Konsensus heibanne fannen, e géif also d'Unanimitéit heibanne fannen, an dofir ass et och selbstverständlech, dass ech den Accord vu menger Fraktioun wäert bréngen, an ech géif dann domat meng Allocutioun schléissen.

Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Als éischt Riednerin ass d'Madame Mady Delvaux-Stehres agedroen. D'Madame Delvaux huet d'Wuert.

Discussion générale

■ **Mme Mady Delvaux-Stehres (LSAP).** - Merci, Här President. D'Madame Minister huet haut vill gutt Wieder vun dëser Tribün kritt. Ech weess, dass dat jo net all Dag geschitt an och net all Woch, dofir huelen ech un, dass se dat gënisst.

Ech ka mech dann uschléissen un all d'Riedner, déi se félicitéiere fir déi Projeten, déi hei virleien. Ouni dass ech e Spezialist fir Architektur sinn, mengen ech, wäeren et zwee schéi Projeten, déi an der Stad geplangt sinn, wat d'Architektur ugeet. Och wa se, wéi d'Madame Wagener richteg gesot huet, eigentlech de Kader virginn hunn, well dat fréier Spidoler waren, mä ech fannen haaptsächlech, dass et wonnerschéi Sitë si wou d'Projeten hikommen. Déi schéinst, géif ech soen, bal an der Stad, an dat soll deenen ale Leit da gegonnt sinn.

Och wann ech perséinlech, an dat wëll ech awer hei soen, e klenge Regret hunn: Ech hat gehofft, an och dee Wunsch e puermol geäussert, dass ee vun deenen zwee fréiere Spideeler, ee vun deene Sitë géif benotzt gi fir Wunnenge fir Studenten ze bauen. Mä Wunsch ass awer net an Erfëllung gaangen, an ech fannen dat trotz allem schued, obschonn ech jiddferengem e schéint Altersheim vergonnen. Besonnesch wann een déi Konzentratioun vun Infrastruktur gesäit fir eeler Leit, déi a praktesch engem Kilometer an der Stad konzentriert sinn.

Mir hunn eis e Méindeg e ganz interessanten a laangen Exposé vun eise Landesplanungsminister ugehéiert, deen eis erkläert huet, et misst een de Raum gutt a rationell organiséieren an et sollt ee kuerz Weeër iwwerall virgesinn, an an deem Schema, hätt ech gemengt, wär et vläicht méi opportun gewiescht, eng vun deenen Infra-

strukture vläicht net an deeselwechte Quartier ze leeën, mä an ee Quartier an der Stad, deen och Besoinen hätt, wou méi Leit wunnen, wéi zum Beispill - ech wëll elo keng Präferenz ausdrécken - Bouneweg oder Gaasperech, Zeisseng, wat jo mat déi bevölkertst Quartiere vun der Stad sinn. A wann een och weess, dass d'Leit, déi an Infrastruktur sinn, am Fong ganz vill Besuch vun hire Frënn a Famillje kréien, wann déi net ze vill wäit ewech wunnen, da wär et och an deem Sënn interessant gewiescht, fir e bëssen ze dezentraliséieren, wat déi Infrastrukturen ugeet.

Ech weess natierlech, firwat dass déi zwee Haiser op déi Plaze kommen. Ech mengen d'Schwëstere kruten en neit Spidol a si haten en Terrain, an d'Schwëstere kréien elo zwee schéin nei Altersheimer. A vu dass d'Schwëstere ganz vill Know-how hunn, et ass e Champ d'activité wou si doheem sinn, wou si eppes dovunner kennen, wou se och Vertraue vun der Populatioun hunn, mécht et natierlech Sënn, fir op déi zwou Plazen esou Infrastruktur fir al Leit hinzesetzen. Dofir wäert d'sozialistesch Fraktioun och den Accord ginn zu dësem Projet.

Iwwert déi Froen zur Infrastruktur eraus, bleiwen natierlech ganz ganz vill Aspekter, déi een de Mëtteg kéint diskutéieren. Ech wëll net op de Problem vum Personal agoen. Ech wëll och net op dee vun der Qualitéit agoen, wou jo eng Motioun hei an der Chamber ugeholl ginn ass, dass et net duergeet, Infrastrukturen dohinner ze setzen, mä dass et och wichteg ass, déi Infrastrukturen esou ze kontrolléieren an ze encadréieren, dass déi Qualitéit, déi d'Leit legitim erwaarden, och erfëllt gëtt. Ech hoffen an ech denke jo och, dass deene Motiounen do eng Suite kënn.

Ech mengen och et wär wichteg ze klären, an dat ass en Appel dee sech manner un d'Familljeministesch went wéi un de Minister vun der Sécurité sociale, mä si kann dat jo vläicht weiderginn, dass et de Moment ee ganz akute Problem gëtt, fir déi Leit déi an engem Fleegeheim oder an engem CIPA sinn, dat ass, dass net genau gekläert ass, wat am Pensiounspräis dran ass a wat net dran ass. An ech perséinlech fannen dat eigentlech inadmissibel.

Fir mech ass et kloer, dass een, deen an eng Fleegeversécherung fält, dee kritt en Deel vu senger Services domestiques bezuelt, an da kann et net sinn, dass d'Altersheim oder den CIPA déi Suen nach eng Kéier am Pensiounspräis ophieft. Dofir géif ech wierklech drëm bidden, dass dat schnellstens gekläert gëtt, well dat schafft eng schlecht Atmosphär, et mécht Onrou, an et schuet eigentlech enger parallell gudder Gesetzgebung, wa se net anständig applizéiert gëtt. Ech géif hoffen, dass deen Appel weidergeet.

Den Här Halsdorf huet elo just gesot, et wäeren ënnert der Fiederféierung vun der Ministesch an deene fënnf Joer 1.698 Better geschaaft ginn. Ech muss soen, ech bleiwen eigentlech e bësse virwëtzeg oder onzefridden oder net informéiert iwwert: Wéi soll dat dann elo weidergoen?

Ech hu gelies am Rapport d'activité vum Ministère de la Famille, dass mer 2002 eng Capacitéit vu 6,8% Better hate fir d'Populatioun iwwer 65 Joer. D'Madame Nicklaus huet elo just gesot, déi wär elo op 7,13, woubäi an deemselwechte Rapport steet, dass eis Nopeschlänner eng Capacitéit ustriewe vu 4%. Dat heescht, mir leie wäit iwwert der Capacité d'accueil vun eisen Nopeschlänner. Ech wëll och hei eng Klammer opmaachen. Eierlech gesot, mir dinn eis jo alleguer schwéier heibannen, iwwert dee

Sujet ze diskutéieren, och mat den Termen. Da schwätze mer vu Seniores a vun eelere Leit. Also mech nervt et fir ze soen, mir fänken u bei der Populatioun iwwer 65. Ech géif mengen, dass déi Leit mat 65 Joer net wëllen an eng Struktur goen. Déi meescht an deem Alter hunn hir Elteren an deene Strukturen - an ech kucke keen heibannen -, sou dass ech mengen, dass ee vläicht déi Alterslimite, wou een ufänkt ze soen, déi Populatioun huele mer eran an d'Planung, dass een déi mol vläicht sollt hiewen an een da méi eng realistesch Approche sollt kréien.

Et bleift awer, dass ech wëll froen: Et gëtt ëmmer esou schéin hei gesot, dat ass an der Planung, mä wéi vill méi wëlle mer dann nach plangen? A wat sinn d'Besoinen, déi mer dann nach hunn? Op wéi engem Secteur brauche mer nach Infrastrukturen? Brauche mer der nach fir de „court séjour“? Brauche mer der fir d'Rehabilitatioun? Brauche mer spezifesch realiséiert Strukture fir Demenz, wat mir, einfach esou aus menger Impressioun hier, ee risege Besoin schéngt ze sinn? Ech wär am Fong frou, wann een eng Kéier e groussen Débat doriwwer kéint féieren: Wat wëlle mer dann elo nach, wa mer déi Capacitéit hei geschaaft hunn?

Eng Fro bleift mer, dat ass iwwert d'Dénomination. Vläch hunn ech de Sujet net genuch suivéiert, mä mir stëmmen haut zwee CIPAen an zwee Centres de services intégrés de soins pour seniors. Dat schéngt mer eng nei Dénomination ze sinn. Well fréier hate mir Maison-de-soinen, an déi sinn elo net méi in.

Vu Maison de retraite, do schwätze mer jo net méi, obschonn an engem Exposé des motifs deen Terme nach eng Kéier virkënn. Vu Logement encadré schwätze mer net, dat schéngt mer kloer. Dat ass eppes ganz anescht. Mä mir hunn also elo véier Termé wou mer eis schwéier dinn, fir se ze ënnerscheeden. Ech wär eigentlech interesséiert, wat dann elo d'Konzept ass vun der Zukunft, well och no deem ech de Rapporturen hei nogelauschert hunn, schéngt et mer jo awer wéi wann déiselwecht Populatioun an deene Strukture géif opgeholl ginn. D'Iddi ass jo, dass ee kéint an esou eng Struktur goen, wann een nach eenegermoossen eens gëtt, ouni dass een e richtige Fleegefall ass, mä dass ee kann an darselwechter Infrastruktur, déi awer ënnerdeelt ass a spezialiséiert Strukturen, jee no der Schwieregkeet a jee no senger Besoinen, agegliedert ginn.

Wann dat d'Konzept ass wat ech mengen, wann dat Sënn mécht, da verstinn ech net wisou dat eent e CIPA ass an dat anert e Centre de services intégrés de soins, mä vläicht kann d'Madame Minister eis dat nach erklären.

Wéi gesot, ech mengen, dass, no deem dës Projete gestëmmt ginn, et vläicht un der Zäit wär, méi een allgemengen Débat ze féieren, fir eis ze froen, alleguerten zesummen: Wat wëlle mer nach un Infrastruktur? An dat wat mer haut ganz vergiess hunn a wou ech mengen, dass och en Handlungsbedarf besteet, dat ass: Wat wëlle mer u Servicer an un Infrastruktur fir de Maintien à domicile fir déi al Leit, fir déi fleegebedürftig Leit? Well och do ass et wichteg, dass een der Populatioun entgéintkënn an dass een hinnen déi Servicer och doheem offréiert, déi se legitim kënnen erwaarden.

Dat gesot, nach eng Kéier den Accord vun der sozialistescher Fraktioun zu dëse Projeten an ech soe merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Als nächste Riedner ass den Här Xavier Bettel agedroen. Den Här Bettel huet d'Wuert.

■ **M. Xavier Bettel (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi ech d'lescht Woch bei eis an der Fraktioun gesot kritt hunn, ech dierft iwwert deen heite Projet schwätzen, dunn hunn ech mer dat Ganzt e bëssen ugekuckt. Dunn hunn ech mat Leit owes geschwat an dunn hunn déi Leit mer spontan gesot, déi Projeten, dat sinn dach déi wou d'Schwëstere esou verwinnt ginn. Du sot ech: Wéi, d'Schwëstere ginn esou verwinnt? Du soten se mer, ma déi hunn dach do d'Ste Elisabeth gehat a si hunn de Sacré-Coeur gehat. Dat waren al Këschten, dat waren al Gebailechkeeten. Du kruten se um Kierchbiere e fonkelneit Spidol gebaut an elo kréien se d'Sacré-Coeur- an d'Elisabetheklinik frësch gemaach. Dat ass eppes wat ech vu Leit gesot kritt hunn.

Dunn hunn ech geäntwert, ma da lauschtert mer emol no: Éischt Saach ass, jorelaang a ganz laang huet kee sech hei am Land ëm déi eeler Leit bekëmmert, weder de Stat nach d'Gemengen, a just eis Schwëstere waren déi, déi sech ëm d'eeler Leit hei bekëmmert hunn. Dat muss ee soen.

(Interruptions diverses)

Ech soen elo net déi lescht 50 Joren. Awer ganz laang hu just d'Schwëstere sech ëm déi eeler Leit bekëmmert.

Déi zweet Saach ass, haut gëtt et e Vertrauen an déi Institutioun, déi d'Schwëstere sinn. Dat sot d'Madame Delvaux, si gëtt mer hei vollkomme Recht an et ass och ganz wichteg, well se och apte si fir déi Soinen an déi Centren ze géréieren.

Ech gesi just hei, wann een iwwert de Centre universitaire an de Stattec kuckt an d'Populatioun zum Beispill zu Lëtzebuerg analyséiert: 1980 hate mer 363.500 Awunner hei am Land. Haut, 2003, si mer bei 448.300.

D'Décèsen deemools, wou manner Leit hei gewunnt hunn, waren op 4.913 an haut si se bei 3.744. Dat heescht, mir hate manner Leit a méi Décèsen an haut hu mer méi Leit a manner Décèsen. Dat heescht, eis Pyramide des âges huet en décke Bauch an et gëtt ëmmer méi schmuel ënnen an ëmmer méi héich uewen.

Ech selwer si jo an engem Alter, wou ech hoffen nach laang ze liewen, an d'Espérance de vie vun de Leit gëtt ëmmer méi laang. Dat heescht, selbstverständlech musen och Centren do si fir déi Leit ze emfänken an och d'Soinen ze prodiguéieren.

Zu deenen zwee Projeten, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ass fir d'éischt emol ze soen, an do doen ech dann déi aner Kap un, nämlech déi vum Gemeengeconseiller vun der Stad Lëtzebuerg, an ech si frou, dass an der Avenue Emile Reuter, do wou dat Gebai ass, elo eppes geschitt, wa mer deen heite Projet gestëmmt hunn, well fir de Moment ass dat net ganz schéin. Wann ee vu vir kuckt ass dat esouguer zimlech moche an do gëtt endlech dann eppes Frësches gebaut.

An dann och beim Sacré-Coeur si verschidde Saachen, déi mer ganz gutt gefall hunn. Dat ass dee ganzen ekologesche Volet, deen zrëckbehalen ginn ass fir d'Konstruktioun vun deem Spidol, wou gekuckt ginn ass, dass et soll esou ekologesch wéi méiglech gebaut ginn.

Am Ganzen, wann een d'Rechnung mécht, ginn haut 234 Better mat deene zwee Projete gebaut an déi siwen Appartements, déi gemaach ginn an deem Projet fir d'Ste Elisabeth.

Ech soen ëmmer, et soll een net spuere wann ee Saache soll fir déi Jonk maachen. Ech soen och, et soll een ni Sue spuere wann een eppes mécht fir eis eeler Generatiounen. Ech mengen, mir sinn alle-

guerte frou wa mer, wa mer eng Kéier an där Situatioun sinn, dass mer da propper an adequat Strukturen hunn, fir eis Soinen ze kréien.

Ech soen Iech merci a selbstverständlech wäert d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei och déi heiten zwee Projets de loi stëmmen.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Hâ Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Hâ Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Hâ President, Dir Dammen an Dir Härren, 87 Deeg bis virun de Wahle kréie mer elo dat ugebuede wat während deene leschte Joren a Méint geplangt ginn ass vun der Regierung. Mieux vaut tard que jamais! Et ass scho wichteg, dass op deem Gebitt Verschiddenes investéiert gëtt. Wat feelt, dat sinn déi reell Estimatiounen a Besoinen, déi um Plang gefrot ginn, op wat fir engen Donnéeë mer dat Ganzt baséieren. Mä et schéngt awer esou ze sinn, dass op Basis vun deenen Demanden, déi virleien, eng Demande fir zousätzlech Better fir eeler Leit, Centres intégrés an esou weider, effektiv besteet.

Et ass dofir néideg, dass gehandelt gëtt an et ass dat wat mer hei och wëlle begrëssen an dofir bréngen ech den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Projet.

M. le Président.- Mir héieren elo d'Stellungnahm vun der Madame Familljeminister Marie-Josée Jacobs iwwert déi véier Projets de loi, déi mer elo grad diskutéiert hunn. D'Madame Jacobs huet d'Wuert.

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.- Hâ President, Dir Dammen an Dir Härren, ech muss soen, dass ech vis-à-vis vun der leschter Woch haut en agréablen Nomëtteg an Ärer Gesellschaft verbruecht hunn. Dat ass déi éischt Bemierkung, déi ech wollt maachen an et ass een och heiansdo frou, wann een emol e gutt Wuert kritt. Op där anerer Säit géing ech soen, wa mer esou vill Begeeschterung hätten an de Gemenge fir Strukture fir Demandeurs d'asile ze kréie wéi fir Altersheemer, da wiere meng Suergen nach vill manner grouss. Dofir Appel aux amateurs.

Et kann een net nëmmen op där enger Säit dat kréie wat ee gären hätt. Dann huet een och eng Responsabilitéit fir vläicht och aner Saachen ze huelen, déi engem manner gutt gefallen.

Ech géing fir d'éischt wëllen der Rapportrice, der Madame Frank, fir de Projet vu Gréiwemaacher merci soen, an ech si fir eng Kéier net ganz d'accord mat deem wat den honorablen Hâ Scheuer gesot huet. Ech mengen awer, dass et eng schwierig Situatioun wor a wann et eng Zäitche méi laang gedauert huet an och méi deier gouf, well e Projet, dee geplangt ass an dann op eemol keng Genehmegung vun der Gemeng kritt, dann ass dat awer erëm domat verbonnen, dass nei muss geplangt ginn, dass en anere Site muss gesicht ginn, wat awer finanziell an och zäitlech nâischt verbessert.

M. Jos Scheuer (LSAP).- Mä de Projet u sech!

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.- Also dass ass bei all deene Projeten, déi méi laang daueren, wat ee méi aus der neier Erkenntnis léiert a wat een da besser kann opassen, mä wéi gesot, déi Leit, déi dee Moment e Besoin hunn, sinn natierlech dofir, awer net schrecklech gutt eraus.

Ech géif och der Madame Ferny Nicklaus-Faber merci soe fir de Projet vum Sacré-Coeur, dem Hâ Halsdorf fir d'Ste Elisabeth an dem

Hâ Weiler fir Ettelbréck, wou ech natierlech awer e bëssen traureg sinn, Madame Wagener, an d'Leit zu Ettelbréck ganz bestëmmt och, dass déi gréng Fraktioun dee Projet net wäert stëmmen.

Dir hutt haut eng ganz Partie vun Zifferen hei héieren. Ech wëll Iech just soen, dass vun 1999 bis elo Transformatiounen gemaach gi sinn an zousätzlech Projeten, déi elo fäerdeg sinn, déi an Exekutioun sinn, Projeten, déi a Planifikatioun sinn am Gesamten an dat net 80 Deeg virun de Wahlen. 2.101 nei Better si geplangt, sinn am Bau, si fäerdeg. Do sinn all déi Projeten derbäi, déi Eenzelner haut ugeschwat hunn, mat engem Gesamtkäschtepunkt vu 520.600.000 Euro oder plus ou moins 20.824.000.000 där aler Lëtzebuerger Frangen.

Domadder géing ech wëllen deene Leit, déi alleguer ëmmer mengen, mir géingen nâischt doranner investéieren, soen, dass dat denken ech definitiv och eng Kéier bewisen ass, dass dat net de Fall ass.

D'Madame Delvaux huet hei zu Recht d'Fro opgeheft, wéi wäit dat mer domadder géinge virufueren? A mir wëssen aus där Regierung, wou mer gemeinsam dra waren, dass et eng Fro deemools war fir ze soen: Fuere mer virun nach ëmmer an déi dote Gebaier ze investéieren? Dir hutt och hei gesi wéi d'Zuelen am Ausland sinn, wou d'Leit dra ginn.

Ech hunn d'lescht Woch hei gesot am Débat iwwert d'Fraen, dass do ee vun de grouss Problemer, niewent der Garde d'enfants, deen ass vun deenen eeleren an deene fleegebedürfte Leit. Dat ass ee Punkt, dee gëtt et zu Lëtzebuerg net, well mer, trotzdem ëmmer nach gesot gëtt, dass net genuch Better do wieren, awer net an där Situatioun dra sinn, well ganz vill Leit sech och am Ausland déi Präisser iwwerhaapt net kënne leeschten, fir kënne an déi Haiser ze goen. Wa gesot gëtt, mir hunn esou vill Lëtzebuurger, déi am Ausland sinn, da sinn déi Haiser zu engem groussen Deel frou wa se Lëtzebuurger kréien, déi hire Präis do kënne bezuelen, well hir eege Leit dat iwwerhaapt net kënne maachen, well hir Pensiounen dat net ausweisen a well se net nach all déi aner Hëlfelefen hunn, iwwer Fleegeversécherung an aner Leeschtungen, déi mir hei zu Lëtzebuerg bezuelen.

Wéi gesot, ech si generell frou, dass jiddereen dat hei eng gutt Iddi féinnt. Net nëmmen, dass mer nei bauen, mä mir hunn och probéiert nei Konzepter op deene verschiddene Siten ze maachen. Dat bréngt mat sech, dass net jiddfer Projet d'selwecht ausgesäit wéi deen anereren, well deen een a méi enger längerer Planungsphas dra war wéi deen anereren.

Et ass hei gesot ginn, doduerch dass et méi laang Zäit gebraucht huet, ass dat elo alles besser ginn. Mir kucken, dass mer an den Haiser selwer Liewensgemeinschaften hunn, wou wierklech dann d'Leit a méi enger klenger Grupp beienee sinn, wou se sech och méi familiär fillen, wou awer och Gemeinschaftsraum do sinn, wou se alleguerte matenee kënne Aktivitéite maachen, wou d'Famillje kann do kommen, Plazen, wou Therapie gemaach gëtt, Ateliere fir zesummen aktiv ze sinn, wou mer Rampe bauen, amplatz dass mer Trapenhaiser bauen.

Ech wëll awer och besonnesch un déi Parcs protégés denken, déi mer zum Beispill zu Ettelbréck, mä och op anere Plaze maachen, fir deene Leit, déi dement sinn, besser gerecht ze ginn, well déi Leit eben, deemno a wéi engem Stadium se sinn, vill dorëmmer ginn an awer net méi wëssen, wat se maachen an domadder fir si a fir déi aner Leit och muss garantéiert sinn, dass hinnen nâischt geschitt.

D'Dementebetreiung. Dir wësst, dass et eng vun deene Suergen

ass, déi mir ganz uewe läit, well een éischstens gesäit, dass et mam Alter a mam Zouhuele vum Alter ëmmer méi Leit gëtt, déi dement ginn, an dass mer also och do nei Aarbechten an nei Aktivitéite maachen, mä och aneschtens dat konzipéieren, d'Dagesbetreiung an interne Gruppen, déi an den Altersan an de Fleegeheimer selwer dra sinn, mä wou se awer nuets an deeneselwechten Zëmmeren oder och nieftenee sinn, sou wéi dat och soss war.

Ech hu laang Diskussiounen gefouert mat menge Leit am Ministère selwer, well ech ëmmer eigentlech dergéint war, fir d'Leit vuneneen ze trennen, fir déi eng net bei deenen anereren ze loosse. Ech muss awer soen, dass ech awer och mech beléiere gelooss hunn a mir soe gelooss hunn, et ass fir een, deen net dement ass, an dee mat anereren zesummen am Restaurant sëtz, déi net ëmmer wëssen, wat se maachen, och net ganz evident fir dat Dag an Nuecht nozekucken an dat 360 Deeg am Joer. Vun dohier kann ech also verstoen, dass een awer vläicht och muss während Zäiten am Dag Trennung maache vun deenen engen a vun deenen anereren. Do ass et och d'selwecht mat deene verschiddene Gruppen, wou deen ee méi oder manner dement ass, dass een och do muss opdeelee fir deem awer och gerecht ze ginn.

Da maache mer, wat och d'Dementebetreiung ubelaangt, och esou Nuetscaféen an deenen eenzelnen Haiser, dat heescht fir déi Leit, déi selwer an deene Caféé sinn an deenen Haiser dra sinn, dass een och dohinner ka kommen an dass een och nuets do en charge geholl gëtt: besonnesch fir dement Leit, déi jo dacks nuets net wëssen, wou se dru sinn, wou dann och Leit sinn, déi sech ëm se këmmere, ouni dass se duerch d'ganzt Haus dorëmmer geeschteren an op eemol bei engem anerem am Zëmmer sinn an esou virun, wou se och eppes kënne ze iesse kréien, wou wéi gesot, sech ëm se gekëmmer gëtt. Ganz vill Formatioun gëtt och gemaach, wat d'Leit ubetrëfft, déi sech dorëmmer këmmere, vun dem RBS an och mat Spezialisten aus dem Ausland derbäi.

Nei ass och, dass eng ganz Partie vun Haiser mëttlerweil erlaben, dass ee säin Hausdéier ka matbréngen, selbstverständlech net a sengem Zëmmer, mä dass een en Déier ka matbréngen, wat jo fir eeler Leit ganz dacks déi eenzeg Gesellschaft nach ass, wann een am Alter ass, a wou et hinne schwéier fält, wa se dat da missten zrëckloossen, wa se géifen an esou eng Infrastruktur goen, ob dat Hënn oder Kaze sinn...

(Brouhaha et coups de cloche de la Présidence)

...oder och Hénger sinn. Dofir denken ech, dass dat och eppes ass fir si, wou se sech méi dran erëmfanne, wéi wann dat alles hinnen ewechgeholl gëtt.

Wichtig si selbstverständlech och déi intergénérationnel Kontakter, wou mer probéieren d'Familljen, d'Enkelen, d'Urenkelkanner wëllkomm ze heeschen, wou Spillplaze bei deenen Haiser installéiert sinn, wou och an der Cafeteria Méiglechkeete sinn, dass deene Kanner d'Zäit net ze vill laang do gëtt. De Park, dee ronderëm esou Haiser ass, déi öffentlech Foussgängerweeër, wou een d'Kanner um Schoulwee gesi kann, droen dozou bäi, dass d'Bewunner sech wuel fillen.

Ech wëll do de flotte Projet ernimmen an de Buergermeeschter an de Schäfte vu Réimech kënne mer konfirméieren, wat fir eng Freed, dass déi eeler Leit hunn, well se just derniewent elo de Précoce haten, a mat wat fir enger Begeeschter-

ung se sech an der Paus do op déi Plaze bewegen, wou se d'Kanner kënne gesinn a mat deenen och Kontakt kréien. D'Kanner léieren eben och déi eeler Leit kennen, an op där anerer Säit sinn déi eeler Leit frou, fir ze gesinn, dass d'Welt och virugeet an dass déi nei Generatiounen och do sinn.

Geziilt Initiativen ënnerhuele mer eben och fir dat ze förderen, do derduerch dass Märgenstonnen organiséiert ginn, do derduerch dass eeler Leit a Kanner méi gemeinsam Opféierungen hunn. Mir waren zu Suessem, dass Kanner do waren aus dem Foyer du jour, déi do ëmmer hire Fuesbal hale gaange sinn. Also, et gëtt ganz vill Aktivitéiten iwwert d'Land fir deem méi gerecht ze ginn.

Ech hat elo grad ewell gesot, dass mer méi kleng Liewensgemeinschaften maachen an dat gesäit ee besonnesch gutt un deem Projet vu Gréiwemaacher, wou aacht bis fofzeng oder maximal 20 Pensionnaire sinn, déi hir eege Gemeinschaftsraum hunn, déi och d'Autonomie doriwwer hunn, wéi se hiren Alldag wëlle gestalten an och vill Fräiheet derbäi behalen, wéi se dat och wëllen zum Beispill dekoréieren.

Wichtig ass och, dass mer oppe Mëttesdëscher hunn, wou aner Leit kënne erakommen. Op der Rumm zum Beispill kann ee Mëttswochsmëttes iesse goen an da kann een och Kontakter hu mat deene Leit, déi dobausse sinn. Mir maachen also ganz villes, fir dass déi Leit sech net isoléiert spieren. Dir wësst och, dass mer méi geziilt ëmmer kucken, fir mëtten an den Uertschaften ze sinn an net méi op d'Wiss bauen ze goen, wat eng Zäitchen d'Theorie war. Haut ass et éischer, dass ee seet: Et muss een alles maachen, fir dass d'Leit och am Zentrum sinn. Wa se selwer net méi kënne erausgoen, dass se awer mol nach e Mensch gesinn, dee laanscht kënnt op der enger Säit, oder op där anerer Säit awer och een éischer bei si op Besuch kënnt, wéi wa se wäit dovunner ewech sinn.

Mir probéieren och, dass déi Leit, déi an deenen Haiser dra sinn, sou wäit wéi si selwer dat nach kënne, och kënne matbestëmmen zum Beispill an och kënne matschaffen, sou wäit wéi dat an hire Fäegkeeten ass, beim lessen ze maachen, bei den Hausdéieren, fir déi an der Rei ze halen, bei der Gestiou vun der Cafeteria oder hauseeigenen Epicerien. Wéi gesot, bei der Betreiung vun den Déieren oder der Aktivitéit am Gaart geet et einfach drëm, dass, wann een eng Aufgab kann iwwerhuelen, een och d'Gefill huet, dass een nach an der Gesellschaft gebraucht gëtt. Dat ass eppes, wat selbstverständlech och wichtig ass fir d'Selbstwäertgefill vun deenen eenzelne Leit.

Et ass och de Mëtten hei vun der Madame Delvaux besonnesch nach eng Kéier op d'Qualitéitsécherung insistéiert ginn. Mir hate probéiert, wat den Accueil gérontologique ubelaangt, och do méi Qualitéitsécherung eranzekréien. De Conseil d'État hat, denken ech, vläicht och zu Recht gesot, dass dat nâischt doranner verluer hätt, mä dass mer musse kucken iwwert d'ASFT-Gesetz an den nächste Joren ze kucken, wéi mer dat kënne maachen. Mir gesinn, dass zum Beispill am Handicapéierteberäich vill méi op déi Qualitéit och gekuckt gëtt. Eng Qualitéit, déi een net nëmmen...

(Brouhaha et coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Ech géing awer ëm e bësse méi Opmierksamkeet bieden. D'Ministesch mécht sech Méi fir all Froen ze beäntweren, an et si Kolleegen, déi féiere Causettercher, wéi wa se géingen op der Strooss setzen. Ech mengen, esou kann een net schaffen.

Also, Kolleeginnen a Kolleegen, ech bieden ëm Är Opmierksam-

keet. Et ass ganz wichteg, wat hei gesot gëtt. An dann herno ass och jiddfereen en connaissance de cause iwwer dat, wat mer ofstëmmen.

Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.- Merci, Hâ President.

Wéi gesot geet et virun allem mol drëm fir ze kucken, dass een déi Qualitéit och ka kontrolléieren duerch intern an extern Auditen. Zum Beispill hu mer awer een Haus, an deem ewell d'ISO-Norm agefouert gouf, fir eben déi Kontrollen an déi Qualitéiten awer och kënne anzeféieren.

Zu Recht ass och drop higewise ginn, dass et net ëmmer esou evident war ze wëssen, wien elo wat en charge hëlt. Wat kréien d'Leit berechent? Do denken ech, dass mer elo iwwert d'Gesetz vun dem Accueil gérontologique zesumme mat der Fleegeversécherung méi Méiglechkeeten hunn, fir ze soen: Dat dote muss an deem Präis do dra sinn, an da geet et net, dass nach erëm eng Kéier separat niewendru facturéiert gëtt. Dat war eng grouss Diskussioun, déi mer haten, och mat enger Rei vun Träger an och mat hirem gemeinsame Potenzial, do wou se gesot hunn: Mir maachen dat selwer mat der COPAS. Mir wëssen, wéi mer dat musse maachen, mir brauche keng Virschreften doriwwer.

Ech sinn awer där Meenung, dass een iergendwou am Reglement muss festleeën, wat dorënner fält a wat net dorënner fält, well dat awer soss dozou féiert, dass déi eng Leit an deenen engen Haiser aneschtens behandelt gi wéi déi aner. Dat kann net zum Gudde sinn.

Et ass och vill hei geschwat ginn iwwert d'Restauratioun, a besonnesch d'Madame Wagener hat och gesot, dass et wichtig wär, dass d'Leit géinge gutt ze iesse kréien. Ech sinn och absolut där Meenung. Ech gehéieren net zu deenen, déi mengen, dass ee mat 85 Joer, well dat ass mëttlerweil sou den Alter vun deene Leit an deenen Haiser, dass een do nach misst schrecklech insistéieren op Regimer, déi misste gehale ginn. Wann d'Leit selwer net méi drop halen, da kann ech jiddferemeng gutt vergonne, dass en e Stéck Schockela ësst, och wann en zockerkrank ass. Wann e wëllt Mettwurscht iessen, da soll hien dat och kënne maachen, well fir sech dofir och nach ze quälen an och nach déi kleng Freed an Liewen net méi zu hunn, déi engem et erlaben et awer e bësselche méi agréabel ze hunn, ass net gutt. Et soll een de Leit dat awer selbstverständlech vergonne.

Dofir ass et och wichteg, dass een Alternative kritt zu den Dagesmenüen, wou mueres an owes a verschiddenen Haiser och Buffeten ugebuede ginn, wou se also och kënne sech dorobber zerwéiere wéi se wëllen, och vläicht flexibel Zäiten do sinn, dass een net muss nëmme just zu enger bestëmmter Zäit iessen. Dann hu mer och an deenen Haiser alleguerte gesot, si missten obligatoresch Zwëschemolzechte maachen.

Ech denke besonnesch elo un déi déck Hëtzt vum leschte Summer, wou et drëm gaangen ass, dass d'Leit och genuch ze drénke kritt hunn, net wéi dat am Ausland geschitt ass, wou eng ganz Partie vu Leit gestuerwe sinn. Hei hu Servicer aus den Établissements publics mer gesot, mir hätten nach ni esou wéineg Leit an eisen Haiser stierwe gehat wéi d'lescht Joer am Summer bei eis - ech denken och net, dass et an deenen anereren aneschtens war. Also sinn trotz där batterer Hëtzt manner Leit an der Moyenne gestuerwe wéi déi Jore virdrun, wat beweist, dass déi Leit hir Aarbecht uerdentlech maachen an och dofir, well mat Zäite gesot gouf, dass se duerno misste kucken.

Dann ass gesot ginn: Wat geschitt alles an deenen Haiser? Also mëttlerweil gétt an deenen Haiser eng ganz Partie Saachen ugebueden an dat zum Beispill och iwwert d'Revalidatioun, wou et och virun allem ëm Leit geet, déi en traumatéisch Erlefnis haten oder déi operéiert goufen, a mir wëssen, datt haut d'Leit net méi laang an de Klinik kënne gehale ginn. Et ass fir déi eeler Leit och meeschtens net gutt, wa se ze vill laang do gehale ginn, well dat Personal, wat do ass, sech méi intensiv muss këmmen ëm déi akut Krank, esou datt et wichteg ass, datt ee méiglechst séier erauskënnt, oder weinst den Infektiounsgeforen, déi do sinn, datt een also erëm a säi gewinnte Milieu zrëckkënnt, mä datt dann awer och do mat engem geschafft gétt an datt een och do dat Personal disponibel huet wat da mat engem erëm léiert goen, wann ech zum Beispill gefall war, oder wann ech e Schlag kritt hat fir erëm léieren ze schwätzen. Dat alles ass jo awer wichteg an dat fällt ënnert déi Revalidatioun.

A ganz ville vun deenen Haiser sinn och Vakanzebetter, an déi sinn och ëmmer méi néideg well mer och gesinn, datt déi Leit, déi elo an der Fleegeversécherung dra sinn, ganz laang doheem vun hire Familljen en charge geholl ginn. An d'Madame Delvaux hat zu Recht gesot, heiansdo sinn déi 65 Joer al, wou d'Elteren haut an den Haiser dra sinn. Da kann ee sech virstellen, datt déi net méi onbedéngt ëmmer amstand sinn duerzhalen, an dofir ass et wichteg, datt een och Vakanzebetter huet, an datt déi dann och eng kéier am Joer oder och zweemol am Joer kënnen entlaascht gi vun deenen Aarbechten an och doduerjer méi laang amstand bleiwe fir sech och doheem ëm hir Leit ze këmmen.

Mir hunn och am Familljeministère de Seniorentelefon. Dat ass de 478-6000 wou d'Leit sech kënnen informéieren an och hir Familljen, wou se sech och kënne beschwéieren, wa mol an engem Haus iergendeppes net esou gelaf ass oder och bei engem Service wéi dat hätt solle sinn. Well ech denken dat gétt et iwwerall an dofir ass et och wichteg, datt ee sech iergendwouhi ka wenden, wou ee sech kann och wende wann een Urgencen huet, wou Leit kënne gehollef kréien, déi vläicht selwer keng Plaz fannen an esou virun, oder och Tëscheleisungen, déi organiséiert ginn, oder och déi Admissiounen virbereeden.

Stierfbegleedung hu mer och elo an enger ganzer Rei vun deenen Haiser. Da wäerte mer d'Palliativmedezin aféieren, well mer och festgestallt hunn, net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, well eis Recherche an deene Saachen ass jo net esou schrecklech grouss, mä mer wëssen aus dem Ausland, datt besonnesch och dement Leit am Alter méi schlecht versuergt ginn.

Eng éisträichesch Doktesch huet gesot, datt Leit, déi dement sinn, wa se zum Beispill eng Héft brieden, een Drëttel nëmme vun deem Morphinum kréien, deen aner Leit kréien, déi hire Geescht beieenen hunn, also déi awer grad esou vill wéi hunn, mä awer just méi schlecht versuergt ginn. An do ass et wéi gesot och wichteg, datt ee Konzept awer am Laangzäitberäich mécht, well dat si jo Leit, déi net onbedéngt esou wéi am anere palliative Beräich vun engem Dag zum anere stierwen, mä ganz dacks méi laang do leien, wou se also mussen en charge geholl ginn. Formatioun muss och gemaach gi fir d'Mataarbechterinnen an d'Mataarbechter aus deenen Haiser, Palliativéquipen déi bestinn, fir kënnen duerch d'Haus ze goen, oder awer och Palliativstationen an den Haiser selwer.

Ganz vill ass haut de Mëtteg hei vun de Leit gesot ginn iwwert d'Personal. Ech wëll och do soen, an all déi Haiser an all déi Servicer längst net méi kënnte fonctionéiere wa mer net kënnen op déi

auslännesch Mataarbechterinnen a Mataarbechter zielen, déi awer och zur Konditioun gesat kréien, datt se musse Lëtzebuergesch schwätzen, well mer besonnesch wëssen, datt déi Generatioun, déi am Krich an d'Schoul gaangen ass, d'Geleeënheet net hat fir Franséisch ze schwätzen. Virun allem kënnt och dobäi wann d'Leit bis an e gewëssenen Alter kommen an och nach dement Leit, datt se dat dann och net méi beherrschen.

Fir mech ass et wichteg, datt een éischstens Personal huet wat eng gutt Basisformatioun huet, an ech froe mech ob mer an Zukunft net méi mussen insistéiere fir eng Spezialisatioun ze kréien, wann ee bis Infirmier oder Infirmière ass, fir eben och eng Spezialisatioun an der Gerontologie ze maachen, well et eng Wëssenschaft ass, déi esou vill changéiert huet an deene leschte Joren, datt dat wichteg ass. Mä jiddefalls muss och ëmmer erëm Formation continue gemaach ginn, Supervisioun muss gemaach ginn, well een och weess, datt déi Leit awer méi séier riskéieren an de Burnout ze kommen, well se awer ze dinn hu mat Leit, déi ëmmer méi fleegebedürfteg ginn, a Leit, déi ëmmer méi schwach ginn an zum Schluss stierwen. Dat ass eppes fir deen Eenzelne wat och schwéier ze erdroen ass, a wa mer net wëllen hunn, datt se fréizäiteg aus dem Beruff erausginn, brauch een also wéi gesot esougutt d'Formation continue wéi och d'Supervisioun.

Ech sinn och frou, datt mer hei zu Lëtzebuerg zesumme mat der Madame Hennicot op der Universitéit e Master an der Gerontologie agefouert hunn, wou eben och Leit, déi Kaderpositiounen do hunn, sech doranner kënne spezialiséieren. Iwwert den Accueil gérontologique hu mer virun engem Mount ongeféier hei dat Gesetz gestëmmt wat eis wéi gesot eben d'Méiglechkeet gétt, eng kéier ze participéiere bei dem Pensiounspräis an der Héicht vun deene 75.000 aler Lëtzebuerger Frang, mä virun allem wou mer och kënnen dat, wat mer elo grad gesot hunn, festleeë wat dorënner fällt.

Wichteg si selbstverständlech och d'Aides a Soins à domicile, déi iwwerhaupt eréischt richtigt organisiert gi sinn an zum Droe koumen duerch d'Fleegeversécherung, mä wou et awer och drëm geet, dat och virun auszebauen. Zum Beispill ass an der Schwäiz gesi ginn, datt vill eeler Leit duerch Depressioun oder duerch Demenz vergiessen eppes akafen ze goen. Déi hunn eng Aktioun gegrënnt „volle Kühlschränke“, wou si fir d'Leit akafe ginn, well se soss riskéieren eben ze erhéieren oder zum Deel ze erhéieren, well se einfach iwwerhaupt näischt doheem hunn. Wa se dann op eemol géifen drun denken, da gi se de Frigidaire opmaachen, jo, dann ass näischt dran, da kann ee selbstverständlech och näischt iessen.

Hei ass och geschwat ginn iwwert de Logement encadré. Ech muss soen, datt mer eng Partie, ech weess jo elo net wéi Äert Konzept do an Däitschland ausgesäit oder a Brandenburg, mä jiddefalls zu Lëtzebuerg hu mer eng Rei vun esou Projeten, déi ewell zënter enger Rei vu Jore bestinn. Ech denken zum Beispill u Walfer wou esou altengerecht Wunnenge sinn, an dann op där anerer Säit un d'Madame Stein, déi zu Schëffleng zënter Joren amgaangen ass dorunner ze schaffen. Zu Elwen wäerte mer esou eppes maache wou d'Leit erakommen a wou se kënnen entweder ee Schlofzëmmer oder zwee Schlofzëmmer kréien, wéi eben déi Gebaier do konzipéiert sinn, an och kënnen do bleiwen a mat deene Servicer, déi vu baussen erakommen, oder och mat Personal wat do ass awer och richtig nogekuckt ginn.

Mir haten heiansdo esou Situatiounen, do huet dat geheescht Logement encadré an dann ass gesot ginn, ma da gi mer enger Infir-

mière, déi hei am Haus schafft, am Haus e Quartier an da kann déi no de Leit kucken goen. Mä d'Infirmière ass am Dag fort schaffe gaangen an da war awer keen do. Also wann een dat mécht, da muss een dat selbstverständlech richtig maachen, a wéi gesot dat geet haut alles vill besser wéi dat fréier gaangen ass, well eben déi Servicer och vun Hëllef Doheem, vun de Soins an den Aides à domicile vill besser ausgebaut sinn.

Dat wou mer haut och nach Bedarf hunn a wou et och wichteg ass, an an eenzelne vun deene Projeten ass dat och dran, dat sinn déi Kurzzeitopenthalter. Dat ass op eemol, an dat wësse mer alleguerter wéi et geet, vun engem Dag zum aneren heescht et: Elo ass meng Mamm gestuerwen a si huet mäi Papp versuergt, oder emgekéiert, a wat maache mer dann elo? Elo muss si awer direkt, well elo geet dat net méi, elo ass déi eleng doheem, elo muss mer awer kucken, datt eppes do geschitt. Dofir fanne mer et och wichteg, datt een eben och Plazen huet wou een an enger Iwwergangszäit kann dohinner kommen.

Den honorabelen Här Wohlfart hat gefrot wéi et mam Saint-Louis wier. Ech kann lech dorop keng Äntwert ginn, Här Wohlfart. Mir hu gesi hei bei deenen zwee Projeten an der Stad, déi zwou Kliniken, déi ginn allen zwou ratzekal ofgerappt, well mer festgestallt hunn, datt dat 30% manner kascht wéi wa mer an déi Haiser investéiert hätten. Dobäi ass d'Klinik Sacré-Coeur jo wahrhaftig keng schrecklech al gewiescht, mä fir einfach ze gesinn, datt dat awer eppes ass wou een net mir näischt dir näischt ka soen: Elo maache mer doraus en Altersheim, well och keng Sanitäranlagen an all deenen Zëmmeren oder an all eenzel Zëmmer sinn. Dat féiert dann dozou, datt dat dann awer en enorme Coût géing kréien an awer nach ëmmer net richtig funktionäreg wär, esou datt ech mengen, datt dat sech net onbedéngt do eengt.

Beim Bau vu Wolz ass et esou, datt elo de Kommodo-Inkommodo eraus ass. Dee muss 30 Deeg do hänken an duerno muss een da kucken. Ech denken, mir si jo net hei, fir datt mer nëmme wëllen nach probéieren e Grondsteen ze leeën, fir datt mer nach eng kéier virun de Wahlen an d'Zeitung kommen. Mir wäerte kucken, wann déi Genehmigungen alleguerten do sinn, datt dat da wahrscheinlech am Hierscht ass an datt mer dann och domadder virukommen.

D'Madame Durdu hat gefrot wéi laang datt dat ongeféier géing daueren. Dat hänkt natierlech ëmmer e bësselchen dovunner of. Bei deenen do zwou Kliniken, déi emol mussen fir d'éischt ofgerappt ginn, dauert et natierlech e bëssleche méi laang wéi wann Der kënnt op e fräien Terrain baue goen, mä am Regelfall sinn awer déi Bauzäiten tëschent dräi a véier Joer, wa mir bis fäerdeg geplangt hunn, an ech ginn lech do och total Recht, datt mer vill ze vill laang Zäit brauchen. Elo geet et nach hei, an deenen heite Projete vill méi séier wéi an deenen, déi mer bauen iwwer Bâtiments publics wéi Wolz, wou mer dann elo geschwënn eelef Joer amgaange sinn, a wa mer domadder fäerdeg sinn, wäerte mer 15 Joer do um Triiwele sinn. De Buergermeeschter Müller ass ewell laang dout, de Minister Johnny Lahure ass ewell laang dout, a vun deene Leit, déi hätte sollen do erakommen, ass iwwerhaupt net méi ze schwätzen.

Also et ass wierklech eppes wou een awer sech emol seriö och Froen a Gedanken muss maachen, och hei an der Chamber, ob een net awer eng Rei vu Prozedure misst kucken e bësselchen ze

vereinfachen an net ëmmer nëmme kucken ze goe wou elo nach vläicht een ee kann uschäissen a wou elo nach een eng Kontroll kënnt dozwëscheschalten, wat alles dozou féiert, datt et nach vill méi laang dauert.

Zum Schluss wëll ech vläicht just e Wuert soen iwwert déi reliéis Träger. Éischstens muss ee gesinn, datt mer d'Terrainen gratis zur Verfügung gestallt kréien, dat hu mer och net soss iwwerall. Och d'Gemege sinn net ëmmer esou generéis fir engem déi fir näischt ze ginn. Da muss een alt frou si wann een déi huet. Dobäi participéiere se zu engem groussen Deel och bei de Konstruktiounen selwer a si hunn och selbstverständlech d'Obligatioun, datt se jidderee mussen ophuelen, egal wéi deem Eenzelne seng Iwwerzeegung ass, an datt och ee wéi deen anere muss behandelt ginn.

Ech ka vläicht zum Schluss, Här President, eng Anekdot erzielen, well ech jo aus deem Geschäft do komm sinn. Viru laanger Zäit eng kéier, deemools hu mer nach an den Zëmmer Wäiwaasserdeppecher gehat, an d'Madame Dagmar Reuter-Angelsberg weess sech bestëmmt nach drun ze erënneren, an dann owes ass d'Schwëster de Leit dann d'Wäiwaasser droe gaangen. Da mussen heiansdo d'Wäiwaasserdeppecher gebotzt ginn. An do war dann ee Mann, deen hat sech just schrecklech opgereegt iwwert d'Schwësteren an iwwer Gott an d'Welt, an zoufälleg kum duerno dunn eent, dat ass d'Wäiwaassersdeppeche siche komm fir et ze botzen, an do hat de Mann geschellt. Dunn hat hie gesot: „Elo grad hat ech hei esou eng politesch Diskussioun an du kum eng Joffer mer d'Wäiwaassersdeppeche sichen. Elo bréngt mer dat awer direkt zrëck!“

Fir ze weisen, mä dat ass, wéi gesot, 20 Joer hier. Haut wier dat vläicht aneschtens, mä ech mengen net, dass haut an deenen Haiser nach esou vill Schwësteren dra sinn, dass d'Gefor grouss wär, dass se géingen d'Leit domadder belästegen. An ech denken och, dass de Respekt grouss genuch ass, och vis-à-vis vun deenen eelere Leit, dass do een, deen domadder näischt am Sënn huet, net domadder belästegt gétt op deene Plazen. An dass op där anerer Plaz et jo awer selbstverständlech eng ganz Partie och öffentlech a Gemengenhaiser gétt.

Ech wëll soen, dass eleng am Beräich vu SERVIR, dem Établissement public, och 14 verschidden Haiser bestinn, iwwert d'Land verstreet, esou dass een, deen dat wierklech guer net kënnt verdreen, dann och d'Méiglechkeet hätt, fir op eng aner Plaz ze goen.

Ech géif jiddefalls der Chamber villmools merci soen, dass se déi véier wichteg Projeten hei stëmmt, an hoffen, dass dat dann elo alles an där Vitesse och virugeet, dass mer net nëmmen ukomme mat bauen, mä dass déi Leit, déi do robber waarden, och kënne méiglechst séier ënnerdaach kommen.

Merci villmools.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Diskussion ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vun deene véier Projets de loi a stëmme een nom aneren of.

5. 5189 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'un centre de services intégrés de soins pour seniors à Ettelbruck (suite)

Mir fänken dann u mat dem Projet 5189 iwwert dat Haus vun Ettelbréck.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 4 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmme elo iwwert de Projet 5189 of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si ent-hale sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 52 Jo-Stëmme a 5 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hupert, Nico Loes, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Marco Schank) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming (par M. Jeannot Belling), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;

MM. Jean Asselborn (par M. Jeannot Krecké), Alex Bodry (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: MM. François Bausch, Camille Gira (par Mme Dagmar Reuter-Angelsberg), Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

Gétt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

6. 5218 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'un centre intégré pour personnes âgées à Grevenmacher (suite)

Da komme mer zur Lecture vum Projet de loi 5218, dat ass de Centre intégré vu Gréiwemaacher.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 5 si gelies an ugeholl.

Mir stëmme elo of iwwert dat neit Heim zu Gréiwemaacher, de Projet 5218.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si ent-hale sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 58 Jo-Stëmme.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hupert, Nico Loes, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Laurent Mosar), Lucien Weiler (par M. Nicolas Strotz) et Claude Wiseler;